# BIGS Infoblat N°4/2020

Juni/Juli/August

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl www.bigslu.net bigs@pt.lu CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

## GEMEINSAM PRESSEKONFERENZ VUN 3 ËMWELTORGANSATIOUNEN



D'BIGS, MOUVECO Régional-Sud an natur&ëmwelt asbl Gemeng Suessem hunn den 24. Juni op hierer gemeinsamer Pressekonferenz nach emol nogewissen, dass 2018, wéi an der Chamber d'Gesetz zum Finanzement vum Käerjenger Contournement gestëmmt gouf, gelu gin ass, wéi behaapt gouf, d'NOX-Wäerter wären dramatesch geklommen a léichen um Duebelen vun den zougeloossene Wäerter, nämlech bei 80 µg/m3!!

Am Juni 2020 huet den Transportminister François Bausch nees gelunn wéi hien an senger Äntwert op eng parlamentaresch Fro ouni ze zécken ugëtt, dass d'NOx-Wäerter „actuellement" bei 57 µg/m3 géingen leien – e Wäert deen tëschent 2010-2011 gemooss gi wuar an fir d'éischt 2012 genannt gouf – also virun 8 Joer !!

**2017 lungen déi duerchschnettlech NOx-Wäerter* bei 38 µg/m3,**
**2018 bei 42 µg/m3 (a net wéi behaapt bei 80 µg/m3 !!)**
**2019 bei 38 µg/m3**
**an 2020, déi 2 éischt Méint virum Confinement bei 32 µg/m3 an 25 µg/m3 déi 2 Méint vum Confinement !!**

D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg hat hirersäits schonn 2919, an enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro ugekënnegt, dass d'NOx-Wäerter viraussiichtlech géingen wesentlech erofgoen, wat jo dann och agetratt ass.

Déi 3 Ëmweltorganisatiounen fuerderen:

- e Moratoire fir d'Ausschaffen vum APD (avant-projet détaillé) fir de geplangten Contournement vu Käerjeng;
- en STOP vun alle Pläng an eng direkt Ëmsetzung vun de versprachenen Verkéiersberouegungsmoossnamen vu Säite vum Staat a vun der Käerjenger Gemeng fir d'Schuedstoffbelaaschtung ze reduzéieren;
- Transparenz a Richtegstellung vun de Miessungen duerch déi Verantwortléch!

Pressedossier an Bréif un d'Chamber fand der um Site ***www.bigslu.net***

*https://www.aev.etat.lu/air_emwelt.dataReport/NO2_sensor-allStationTemp-2020-20200803_0537.pdf

*Weider Infos iwwert den Dossier Contournement a Kronospan op de Säiten 2, 3 a 4 !*

**YOUTH FOR CLIMATE Luxembourg ënnerstëtzt d'Biergerinitiativ !**

**SAVE THE DATES!**
**3. 4. 5. a 6. September !**

Nom MOUVECO-Régional-SUD an der natur&ëmwelt asbl Gemeng Suessem huet sech och elo Youth for Climate Luxembourg (YCL) eis ugeschloss am Kampf fir d'Erhaalen vun der Natura-2000-Zone. Eng éischt gemeinsam Aktioun wuar e Flyer deen mer wärend dem Autokino op Belval verdeelt hunn. (Kuckt op der lëschter Säit!)




**Samschdeg de 24. Oktober 2020 :**
Pilzwanderung mam Fernand Schiltz!

**12.000 - 7.500**
**4.500 € !**
DIGICASH

**SPENDEAKTIOUN / COLLECTE DE FONDS**

- **pour financer le RECOURS CONTRE le Contournement**
- **pour préserver de la Zone NATURA 2000**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

CARTE DE MEMBRE

DONS - SOLIDARITÉ

**Gëff Membre Actif oder Membre Donateur - ënnerstëtz d'Biergerinitiativ Gemeng Suessem !**

## Firwat hält d'Regierung um Bauprojet duerch eng geschützten Natura-2000-Zone fest?

**D'Argument, déi ze héich NOx-Wäerter bei de Luuchten an der avenue de Luxembourg zu Käerjeng géingen de Bau vum Contournement an d'Zerschneiden an d'Zerstéieren vun der Natura-2000 Zone als „raison impérative d'intérêt public majeur" rechtfäerdegen, ass net méi gülteg!**

D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg hat 2019, also 1 Joer nom Vott vum Gesetzt, ganz aaner Hypothesen a Projektiounen wat d'NOx-Wäerter an den Autosverkéier ging ugoen ugekënnegt. Viraussiichtlech géingen déi Belaaschtungen nach wesentlech erofgoen, wat jo dann och agetratt ass.

Elo e MORATOIRE ze froen mecht also Sënn. Wa nämlech déi versprache Verkéiersberouegungen zu Käerjeng direkt ëmgesat giffe ginn da gingen d'NOx-Wäerter nach weider falen an déi Käerjenger-Leit kéinte reegelrecht opootmen!

Ma elo ginn aner Argumenter an de Virdergrond gesat: Kaméidi (deen och zréckgaangen ass an ëmmer op engem mëttlere Wäert luch) a virun allem déi wirtschaftlech Entwécklung vun der Gemeng Käerjeng (déi jo wierklech net gelidden huet!).

Mir opferen also an Zäite vu Klimakrise a Pandemie der Wirtschaft an dem Konsum déi läscht Bëscher hei am Süden, enger Regioun, déi méi wéi aner Regiounen am Land ënnert der Zersiidlung an Industrialiséierung gelidden huet? De fréiere Bauteminister Robert Goebbels jiddefalls bedauert an engem Tageblattartikel, dass seng Stroossepläng vu virun 23 Joer nach ëmmer net ganz ëmgesat goufen.

Esou eng Ausso bestätegt an eisen Aen wéi «iwwerlieft» an «hifälleg» de ganze Projet ass. Merci Här Goebbels!

---

## D'BIGS huet der Chamber geschriwwen

D'Biergerinitiativ huet de Chamberpresident an d'Deputéierten ugeschriwwen an d'Fro opgeworf op de Fait, dass hei mat falsche Moosswäerter operéiert gouf, an also e Gesetz mat falsche Viraussetzunge gestëmmt gouf, net géint **Déontologiebestëmmungen** vun der Regierung an der Chamber géing verstoussen. Eng Entrevue fir am Hierscht gëtt ugefrot!

## TRANSPARENZ am Dossier CONTOURNEMENT

All Schrëtt, deen d'Biergerinitiativ am Dossier Contournement méscht, ass transparent a novollzéibar. Mir hunn esouwuel dem Schäffen- a Gemengerot vun eiser Gemeng Suessem wéi och der Nopeschgemeng Käerjeng alles gemailt an och de Memberen vun eisem kommunalen Aarbechtgrupp a vun den Ëmweltkommissiounen vun den zwou Gemengen all Ënnerlagen zoukomme gelooss.

**D'Politik ass gefuerdert! No Corona kann et net einfach weidergoen wie bis elo!**
**Mir sinn net nëmme fir eis verantwortlech ma och fir eis Kanner an Enkelkanner!**

10 | Mittwoch, den 1. Juli 2020 — Briefe an die Redaktion

### Denn es ergab überhaupt keinen Sinn ...

Über die mannigfaltigen Anläufe zum Bau einer Umgehungsstraße für Käerjeng

Die Überschrift des Artikels („Es sind nicht nur die $NO_x$-Werte") vom 27. Juni trifft voll ins Schwarze. Ich genieße die Gnade der frühen Geburt und weiß daher um einige biografische Feinheiten betreffend die geplante Umgehungsstraße. Im Sommer 1978 nahm ich an einer Arbeitssitzung im Käerjenger Gemeindehaus teil. Unter den Anwesenden waren Bürgermeister Robert Steichen und André Siebenbour, Rat oder Schöffe.

Nach getaner Arbeit, beim Patt, sagten mir beide Politiker, dass eine Straße rundum die Ortschaft gebaut würde. Das Land leide unter der Stahlkrise und die öffentliche Hand müsse viel Geld in Infrastrukturarbeiten investieren, damit sich die Konjunktur erhole, – „Wann et dem Bau gutt geet, da geet et dem Land gutt". Über den eigentlichen Sinn des Projektes verlor man kein Wort, denn es ergab überhaupt keinen Sinn.

1995 erfuhr ich von einem Mitglied der hiesigen Verkehrskommission vom geplanten Bau eines Contournement, gemäß dem Motto „Eist Duerf soll liewen". Dank des neuen Verkehrsweges würde die Avenue de Luxembourg in eine Fußgängerzone umgewandelt, mit Cafés, Terrassen, Geschäften, Springbrunnen, Spielplatz.

In den 2000er-Jahren, als Niederkerschen (und andere Ortschaften) erhebliche Luftverschmutzung stoisch und billigend ertrugen, man denke an 2003, wurde wiederum der Bau besagter Straße erörtert. Dabei ging es nicht um die Verringerung der atmosphärischen Schadstoffe, sondern um die Zu- und Abfahrt von Tanklagern, die östlich der Ortschaft auf „Héierchen" errichtet werden sollten. Somit brauchten die Tanklaster mit ihrer gefährlichen Fracht nicht durch Wohngebiete zu fahren.

Vor Jahren erfolgte dann der vierte Streich, bei dem es sich erübrigt, tiefgründige Analysen zu machen, da das Absurde nicht zu analysieren ist. Oder stimmt es neuerdings, dass das Roden von Wäldern, das Zubetonieren von Wiesen und Weihern, die Zerstörung eines Natura-2000-Gebietes, die ethnische Säuberung von Fauna und Flora insgesamt, eine Geheimwaffe sind zur Rettung von Klima, Umwelt und Arten, den Menschen inbegriffen? Hat etwa der brasilianische Präsident Bolsonaro, anscheinend Rechtspopulist, doch recht, wenn er die zügellose Zerstörung des Regenwaldes zulässt?

„Nous écrasons tout ce qui est vivant, pour notre jouissance ou pour entasser dans des caves blindées des pyramides de billets de banque. Partout la main de l'homme, l'œuvre de l'homme. Les vrais rapaces, c'est nous. Nous avons appelé ces massacres la civilisation. Nous succomberons par cette civilisation." (René Frégni, Marianne, 27 mars au 2 avril 2020, page 66)."

Arthur Feyder,
Käerjeng

# Zu Käerjeng ass alles OK !

Komm mir bleiwen logesch ! D'NOx-Wäerter sinn säit den éischten Miessungen vun 2010-2011 un ferm erofgaangen. Fir de Mount Juli huet déi vun der EU homologéiert Moossstatioun en Wäert vun **23 µg/m3** gemooss – zougelooss sinn Wäerter bis zu 40 **µg/m3** (WHO-Weltgesondheetsorganisatioun). Et ass also ALLES OK zu Käerjeng! Käerjeng geet et gutt! En Hotel an e neit Altersheem op der avenue du Luxembourg zu Käerjeng ginn nei Unzéiungspunkten !

Jo, komm mir bleiwen logesch! Mir brauchen **KEE CONTOURNEMENT ëm KÄERJENG** !

---

## Flyeraktioun wärend dem AUTOKINO op Belval !

BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl · mouvement écologique Régionale Sud · natur&ëmwelt a.s.b.l. Gemeng Suessem · Youth for Climate Luxembourg





En Depliant, wou déi véier Associatiounen BIGS, MOUVECO Régional Sud, natur&ëmwelt Gemeng Suessem an Youth for Climate Luxembourg nach emol hier Argumenter géint de Bau vum Contournement ëm Käerjeng a géint d'Zerstéierung vun der NATURA-2000-ZONE täschent Käerjeng a Suessem erklären, ass wärend den Deeg vum AUTOKINO op Belval verdeelt ginn. ***www.bigslu.net***

BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

mouvement écologique Régionale Sud

natur&ëmwelt a.s.b.l. Gemeng Suessem

Youth for Climate Luxembourg

## VAKANZ DOHEEM

### 3. - 6. September

### zu SUESSEM (Bësch & Haal)

**Zeltlager** mat flotten Aktivitéiten :

**Waldbegehung** a **Nuetswanderung**
duerch den **Bobësch** an den **Zämerbësch**
**Aktiounen** zum Thema **Natur erhaalen a schützen**
**Filmowend** mat uschléissender **Diskussioun**
**Bauen** vun **Insekten-** an **Beiernhoteler**
**Austausch** mat **Ëmweltaktivist*Innen**
**Lagerfeier** an **Jamsession**

**Maach mat !**
**bréng däin Zelt**
**a Schloofsak mat!**

Umëllen w.e.g. iwert ***bigs@pt.lu***




## GESTANK a KAMÉIDI : d'BIGS huet eng Entrevue mam Schäfferot ugefrot

Op hirer Generalversammlung vum 4. Mäerz hat d'BIGS weider Aktiounen zum Thema Kaméidi a Gerochsbelästegungen an eiser Gemeng decidéiert. Duerch de Confinement sinn déi Pläng an den Hannergrond gerutscht ma déi dagdeeglech **Beanträchtegunge** vun der **Liewensqualitéit** vun eise Matbierger huet eis dra bestäerkt, niewent dem Dossier Contournement och hei nees ëffentlech aktiv ze ginn.

Membere vun eis hu scho säit enger Zäit systematesch d'Gerochs- an d'**Kaméidi**virkommen dokumentéiert an zeg Kéieren offiziell Plainte bei der Inspektioun vun der Ëmweltverwaltung agereecht. De **Stëbs** an de **Gestank** deen zäitwäis vu KRONOSPAN aus kënnt, ass net méi ze erdroen. Déi Verantwortlech vu KRONOSPAN hate bei enger Visite am Dezember d'lëscht Joer ugekënnegt, Sanéierungs- a Moderniséierungsaarbechten un hirer Filteranlag virzehuelen. Dat schengt dann awer bis elo net geschitt ze sinn.

Fait ass, dass Kronospan zanter Joeren Gestank a Kaméidi mecht, d'Ëmwelt schiedegt a sech nëtt un d'Oplagen an d'Reegelen hällt. Mir froen eis, op nom Brand vum läschte Joer op hirem Site, déi kloer Uweisungen och ëmgesat goufen oder ob weiderhin fahrlässeg einfach weider gemaach gëtt. Déi rezenten **Stëbsemissiounen** schéngen duerch en aussergewéinlechen Transfert vun **Äschen** vun der Indoor-Lagerplatz op Camionen, déi des Äschen op d'Offallbehandlungsplatz sollen evakuéieren, verursaacht ze sinn. Mär ginn der Saach no.

Dofir lancéiert D'BIGS hier geplangten Aktioun Kloen ze sammelen a rifft all Bierger a Biergerin aus der Gemeng op, sech iwwert Email bei eis ze mëllen fir den Dossier fir eng **Entrevue mam Schäfferot an der Ëmweltministesch** ze preparéieren.

***Eng weider Affaire à suivre...***

CARTE DE MEMBRE

DONS - SOLIDARITÉ

## OPRUFF un d'Leit aus der Gemeng SUESSEM

**Gëtt är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vu GEROCH a NUETSKAMÉIDI ?**

**Mir wëllen där Saach op de Fong goen an d'Verursaacher erausfannen. Mellt Iech wann der och betraff sidd!**

**Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !**





**Et ass wichteg, dass all Zwëschefäll dokumentéiert ginn. Maacht Fotoen, schreiwt iech den Datum an d'Auerzäit op!**

**Huelt Kontakt mat der Biergerinitiativ op. Mir sammelen alles an konfrontéieren d'Ëmweltverwaltung mat den Donnéeën!**

**Stéchwuert : Geroch & Kaméidi**

**leardini@pt.lu clazov22@pt.lu rborrel@pt.lu bigs@pt.lu**

### RAPPEL !

**Mir wollten eis Memberen drun ërenneren hier Cotisatioun vun 2020 ze kontrolléieren an wann nach net geschitt hier Memberskaart ze bezuelen (10 €). All weideren DON gëtt gebraucht fir Aktiounen vun der BIGS ze finanzéieren !**

**MERCI all deenen déi dat scho gemeet hunn!**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

# STOP mat de Bauplâng fir de CONTOURNEMENT vu KÄERJENG !
# FANGEREN EWECH VUN DER NATURA-2000-ZONE !

Bekanntlech hu mir hei am Süden vun eisem Land net méi esou vill Bësch. An déi Bëscher déi mer nach hunn sinn eis „gréng Longen" déi eis Sauerstoff liwweren.

Eis ganz Landschaft ass duerch eis Industriegeschicht zersidelt wéi kaum eng Regioun. Lëtzebuerg ass dat Land wat vun allen EU-Länner déi zerstéckelst Landschaft huet.

De Verloscht vun der Biodiversitéit (Aartevillfalt) huet en héije Präis, well mer déi natierlech Liewensraim vun den Déieren a Planzen zerstéieren.

Et gëtt wéineg Bëscher an eiser Géigend, de Bësch tëschent Käerjeng a Suessem ass e wichtegt Noerhuelungsgebitt dat vun den Awunner vu béiden Uertschaften vill benotzt gëtt.

**A grad duerch dee Bësch soll eng Strooss vun iwwer 4 KILOMETER gebaut ginn, déi e.a. duerch eng bestoend NATURA 2000-Zone fiert an op hirem Wee alles platt mécht, wat d'Natur ze bidden huet.**

Hu mer nach ëmmer näischt aus der Klimakris geléiert? Weist eis net och déi aktuell Pandemie däitlech d'Grenzen vun enger onkontrolléierter, naturzerstéiernder Mobilitéit?

De Contournement duerch de Bësch tëschent Käerjeng a Suessem ass net ze rechtfäerdegen ! Contournementën brénge méi Verkéier, net manner !

Trotzdeem wëll d'Regierung mam Kapp duerch d'Mauer a kënnegt nom « lockdown » un, am Hierscht 2021 mat Bauen unzefänken.

An dat obschonn d'Argument fir ze bauen - ze héich Stéckstoffwerter (NOx) bei der Brauerei an der avenue de Luxembourg – sech a Loft opgeléist huet. Aner Ersatzargumenter, wéi de Kaméidi oder d'Entwécklung vun der Uertschaft Käerjeng, sinn an der ëffentlecher Unhéierung iwwer de Projet Contournement am Joer 2016 net gebraucht ginn a sinn och sachlech falsch. Si kënne net elo als Argument hirhalen. Dat ergëtt e juristeschen Avis op deen sech déi ënnerschreiwend Organisatioune beruffen.

D'Fakte si kloer:

- Zënter dass no europäesche Normen do reegelméisseg gemooss gëtt gi Wäerter gemooss déi bei 39,5 ug/m3 an der Moyenne vun de läschte 4 Joer louchen, erlaabt sinn 40.

- An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro am Oktober 2019 huet d'Ëmweltministesch Carole Dieschburg mat neien Zuelen nei Hypothesen ogestallt, déi viraussoen, dass d'NOX-Emissiounen nach weider wäerten erof goen.

- 2020, virun dem Lockdown, sinn fir déi 2 éischt Méint Duerchschnëttswäerter vun 32 ug/m3 gemooss ginn – an am Juni, nom Lockdown, 27 ug/m3.

Wéi an der Chamber am Juli 2018 e Gesetz gestëmmt ginn ass fir de Finanzement vun deër Planung ze erméiglechen, ass gelu ginn dass et kraacht: d'NOX-Wäerter wären dramatesch geklommen a léichen um Duebelen vun den zougeloossene Wäerter, nämlech bei 80 ug/m3 !!

Déi Zuelen déi benotzt gi sinn waren also falsch, a folglech och déi ganz Argumentatioun.

Mir soen **STOP** :

- keng Zerstéirung vun der Naturazone a vun eise Bëscher!
- kee Bau vu weidere Stroossen, déi zousätzleche Verkéier, Kaméidi an Ofgase bréngen!
- keng weider Industriezonen op all puer Kilometer!

Mir soen **PRIORITEIT** :

- fir den ëffentlechen Transport an d'Mobilité douce!
- fir d'Natur an d'Erhale vun der Biodiversitéit!
- fir Liewensqualitéit an nohaltege Konsum!

Mir fuerderen :

**Déi versprache Verkéiersberouegungen zu Käerjeng mussen direkt ëmgesat ginn !**
**De Projet Contournement muss engem Moratoire ënnerzu ginn !**
**Fangeren ewech vun eiser Natura-2000 Zone tëschent Käerjeng a Suessem!**

Mir, dat sinn :

Biergerinitiative Gemeng Suessem asbl,
Mouvement écologique régionale sud
natur&ëmwelt Gemeng Suessem
Youth for Climate Lëtzebuerg



DON - SOLIDARITÉ

**FANGEREN EWECH VUN DER NATURA-2000-ZONE**
**KEE CONTOURNEMENT - d'BIGS geet a RECOURS**
**CCPL LU78 1111 1984 6095 0000**